N°4471
Entrée le 15.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.07.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 15 juillet 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir den Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden:

„An de leschte Jore goufe vill Efforte gemaach, fir de Wiessel tëschent der Fonction publique an de Gemengen (an och ëmgedréint) z'erméiglechen, ouni datt dëst en negativen Afloss op d'Carrière oder op d'Pensiounsrechter vun de betraffene Beamtinnen a Beamten huet.

Et schéngt awer, wéi wann nach ëmmer Ënnerscheeder an der Interpretatioun vun den Texter an an der praktescher Ëmsetzung bestinn. Dëst betrëfft besonnesch d'Beräicher vun de méiglieche « Changements de carrière » respektiv de « Groupes de traitement », souwéi d'Unerkennung vu Pensiounsrechter a Primen, déi bei der Pensioun ugerechent kënne ginn, jee nodeem wou de Beamten dee Moment « en activité de service » ass oder war.

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir den Ëffentlechen Déngscht folgend Froe stellen:*

- Kann den Här Minister bestätegen, datt et hei nach Ënnerscheeder ginn?
- Wann dat de Fall ass, ass et virgesinn, fir déi besteeënd Texter unzepassen, fir esou dës Nodeeler ze behiewen?
- Kënnen eventuell Upassunge fir déi betraffe Beamte réckwierkend gemaach ginn, wann si duerch dës onkloer Situatiounen Nodeeler haten?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Gusty GRAAS
Deputéierten